



## Sommaire

- 6309 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur le droit relatif aux utilisations des cours d'eau internationaux à des fins autres que la navigation, faite à New York, le 21 mai 1997
  - Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police: M. Emile Eicher
  - Discussion générale: M. Paul Helminger
  - M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6322 - Projet de loi modifiant l'article 24 du Code de la Sécurité sociale
  - Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale: Mme Claudia Dall'Agnol (en remplacement de Mme Lydia Mutsch)
  - Discussion générale: Mme Martine Mergen, M. Carlo Wagner
  - M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6363 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Bosnie-et-Herzégovine en matière de Sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 8 avril 2011
  - Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale: Mme Claudia Dall'Agnol
  - Discussion générale: M. Carlo Wagner, M. Fernand Kartheiser
  - M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6377 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Tampere sur la mise à disposition de ressources de télécommunication pour l'atténuation des effets des catastrophes et pour les opérations de secours en cas de catastrophe, faite à Tampere, le 18 juin 1998
  - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel
  - Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Paul Helminger, M. Félix Braz, M. Fernand Kartheiser
  - M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6325 - Projet de loi relative à la mise en application du Règlement (UE) n°211/2011 du Parlement européen et du Conseil du 16 février 2011 relatif à l'initiative citoyenne
  - Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle: M. Paul-Henri Meyers
  - Discussion générale: M. Serge Wilmes, Mme Anne Brasseur, M. Ben Fayot, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes, M. Serge Urbany
  - M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Question urgente n°1991 de M. Félix Braz et de Mme Josée Lorsché sur le Conseil national pour étrangers
  - M. Félix Braz
  - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration
- Interpellation de M. Claude Meisch sur la qualité des services d'accueil et d'éducation des jeunes enfants (zéro à trois ans)
  - Exposé: M. Claude Meisch
  - Débat: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Ben Fayot, Mme Josée Lorsché, M. Gast Gibéryen, M. Serge Urbany
  - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration (dépôt d'une documentation)
- Dépôt de deux projets de loi par Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration
  - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration
- Interpellation de M. Claude Meisch sur la qualité des services d'accueil et d'éducation des jeunes enfants (zéro à trois ans) (suite)
  - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration (M. Claude Meisch pose une question)
- Motion de M. Claude Adam sur l'annulation du traité commercial anti-contrefaçon (ACTA)
  - Exposé: M. Claude Adam
  - Discussion générale: Mme Diane Adehm, M. Eugène Berger
- Dépôt d'une motion par M. Eugène Berger
  - M. Eugène Berger
- Motion de M. Claude Adam sur l'annulation du traité commercial anti-contrefaçon (ACTA) (suite)
  - Discussion générale (suite): M. Alex Bodry (M. François Bausch pose des questions), M. Jacques-Yves Henckes, M. Serge Urbany
  - M. Claude Adam
  - Vote sur la motion (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Mars Di Bartolomeo, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Octavie Modert et Françoise Hetto-Gaasch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.00 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **Une voix.**- Neen, Här President.

► **M. le Président.**- Mir kommen elo zu eisem éischte Punkt vum Ordre du jour, dem Projet de loi 6309 iwwer eng Konventioun iwwert d'Notze vun den internationale Flëss fir aner Zwecker wéi d'Navigatioun. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just ageschriwwen: den Här Helminger. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Emile Eicher. Här Eicher, Dir hutt d'Wuert.

### 1. 6309 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur le droit relatif aux utilisations des cours d'eau internationaux à des fins autres que la navigation, faite à New York, le 21 mai 1997

**Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police**

► **M. Emile Eicher** (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi befanne mir iwwer eng Konventioun vun den Nations Unies, déi e Rechtskader bitt fir d'Notzung an de Schutz vun internationale Waasserleef, déi net zu Navigationszwecker genotzt ginn.

Dës Konventioun gouf schonn den 21. Mee 1997 vun der Assemblée générale zu New York adoptéiert an ass de 14. Oktober vum selwechte Joer vu Lëtzebuerg ënnerschrifft ginn.

D'Zil vun dëser Konventioun ass et, international gültig Prinzipien festzeleeën, déi dem Schutz an der Gestiou vun internationale Waasserleef déngen sollen. Et handelt sech heimadde ëm en eemolegt juristescht Instrument, dat weltwäit alle Länner, déi dat wënschen, hëllef kann, souwuel lokal wéi och international Accorden ze treffen, déi de Schutz an d'Notzung vun hire Gewässer regelen.

Här President, an den Objectifs du Millénaire pour le développement ass festgehalen ginn, datt den Undeel vun der Bevëlkerung, vun der Weltbevëlkerung, dee bis elo kee gesécherten Zougang zu guddem Waasser huet souwuel wéi och keen Assainissement vu sengem Ofwaasser virweise kann, bis zum Joer 2015 ëm d'Halschent reduzéiert gëtt.

Haut liewen Honnerte Milliounen Mënschen a groussen hydrographesche Bassinen, wou si d'Waasser mat villen Nopeschnatiounen deele mussen, sief et, well et sech ëm Grenzgewässer handelt oder well dës Flëss duerch méi Länner zeien, ier se dann an d'Mier afléissen.

Besonnenesch do, wou et keng geregelt Notzung vun dëse Gewässer gëtt, entstie Konflikter, déi bis zum Krich féieren, déi dann déi Äermst vun deenen Aarmen treffen an domadder all Beméiungen zerstéieren, fir dës Regiounen ze entwéckelen.

Fir déi verschidde Besoinen ze erfëllen, sief et als Drénkwaasser fir d'Bevëlkerung, als Bewässerung fir d'Landwirtschaft, als Moyer fir Energieproduktioun oder fir industriell Zwecker, musse sech d'Benotzer eens ginn, wéi se hirt Waasser schützen an deelen, an dat net nëmmen, fir ze iwwerliewen, mä virun allem och, fir sech laangfristeg virunzeentwéckelen. Dëst gëllt virun allem fir Afrika, fir Asien a Latäinamerika, déi am schwéierste beträff sinn.

Bis haut hu 24 Länner dës Konventioun ratifizéiert, an et feelen der nach eelef, fir datt d'Konventioun a Kraaft triede kann. Beim fënnefte Forum Mondial de l'Eau zu Istanbul am Mäerz 2009 hu sech eng zéng weider Natiounen bereet erkläert, dës Konventioun duerch hir Parlamentar ratifizéieren ze loossen, dorënner och Lëtzebuerg.

Nach an dësem Mount ass de sechste Forum mondial zu Gaascht bei eise franséischen Noperen, an et wier ubruecht, wann eist Land bis dohinner seng Solidaritéit a Verantwortung kéint ënner Bewäis stellen.

Här President, eis héich Kierperschaft huet keng Observatioun zur Approbatioun vun dëser Konventioun. Et bleift och nach ze soen, datt d'Commission de l'Intérieur dëse Rapport eestëmmegeg ugeholl huet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann dës Konventioun och kee groussen Impact op eist Land

huet, sou kënnen mir mat eisem Jo derzou bäidroen, datt Milliounen Leit Zougang zu proppe-rem a gesondem Grondwaasser kréien. Mir bidden hinnen eng dauerhaft Chance, friddlech zesummenzeliewen, a schafen esou eng zolidd Basis fir erfollegräich Entwécklung.

Dat gesot, ginn ech och den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Paul Helminger agedroen.

**Discussion générale**

► **M. Paul Helminger** (DP).- Här President, just fir dem Rapporteur Merci ze soen an ze soen, datt meng Partei dee Projet do wäert stëmmen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Helminger. Ech mengen, domadder wär alles iwwert dee Projet gesot, ausser datt den Innenminister nach eppes wëllt derbäifügen. Här Innenminister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, et ass wichteg, dass een awer zwee Wieder zu dëser Konventioun seet, well et déi éischte Kéier ass, dass an engem internationale Kader Prinzipien, international Prinzipien, international Gewässer geschützt ginn.

Mir kréien hei e Referenzkader. Ech sinn iwwerzeegt, dass mer mat dëser Démarche do déi éischte Kéier d'Méiglechkeet kréien, och a Länner, déi wäit vun eis ewech sinn, oder a Kontinenter, an Afrika, an Asien an a Latäinamerika, bei grenziwwerscheidende Gewässer, déi duerch e puer Länner ginn, dass mer do eng Basis kréien, fir juristescht mateneen ze diskutieren.

Ech sinn iwwerzeegt, dass dësse Projet manner international Spannungen a manner regional Konflikter wäert mat sech bréngen. Et ass eng Chance am Fong geholl fir eis Ëmwelt an eng Opportunitéit fir eis Mënschheet, well hei am Fong geholl d'Gewässer e Recht ginn un déi eenzel Länner, fir ze kucken, wann een eng Gestiou mécht, wéi een déi dann zesumme mécht.

Hei zu Lëtzebuerg si mir gewinnt u grenziwwerscheidend Zesummenaarbecht, ob dat an der Musel ass, ob dat um Rhäin ass oder an der Meuse, do hu mer Kommissiounen vun 1950, vun 1961 a vun 2002.

Ech mengen, mir Lëtzebuerger sollten heiraus léieren, dass dëst, wéi de Rapporteur et gesot huet, weineg Effeten huet effektiv oder weineg Impact huet op eist Land, mä dass et kann eng grouss Chance si fir aner Länner.

Ech si frou, dass d'Chamber dësse Projet haut an hei gestëmmt huet, well d'nächst Woch - dat wësst Der - ass den Internationale Waasserdag. An doriwwer eraus ass och zu Marseille dee grouss Weltforum vum Waasser. Do soll dann am Fong geholl gekuckt ginn, wéi vill Länner sech dëser Konventioun ralliiert hunn. Bis elo sinn et der 24. Wann der nach eelef derbäikommen, da kréie mer Rechtssécherheet fir vill Staaten op der Welt.

D'Waasser ass a bleift en Element vun enger Liewensqualitéit, vun engem guddem Mateneen am Sënn, dass d'Leit kënnen gesond a propper liewen. Fir eis ass et eng Selbstverständlechkeet, mä fir vill afrikanesch an och aner Länner ass dat net de Fall.

Duerfir wollt ech der Chamber Merci soen, dass se dësse Projet haut an hei stëmmen. Sou kënnen mer dann zu Marseille d'nächst Woch soen, mir hätten eis ralliiert a mir hätten eist Versprieche vun Istanbul vu virun dräi Joer erfëllt, wou mer gesot hunn, mir géifen dës Konventioun vun der UNO ratifizéieren.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Innenminister. Da géife mer direkt elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen.





## Vote sur l'ensemble du projet de loi 6309 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par Mme Christine Doerner), MM. Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Norbert Hauptert, Ali Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes (par M. Lucien Weiler) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich (par M. Ben Scheuer), Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Als nächste Punkt vun eisem Ordre du jour hu mer de Projet de loi 6322, eng Ofännerung vum Artikel 24 vum Code de la Sécurité sociale. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Mergen an den Här Wagner. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol als Remplacante vun der Rapportrice, der Madame Lydia Mutsch. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

## 2. 6322 - Projet de loi modifiant l'article 24 du Code de la Sécurité sociale

### Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), en remplacement de Mme Lydia Mutsch, rapportrice.- Jo, Merci, Här President. Dir Häre Ministeren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi de President elo just ganz richtig sot, vertrieben ech haut d'Rapportrice vun deemem Projet, d'Madame Lydia Mutsch, déi leider de Mëtteg verhénnert ass.

De 27. Januar 2011 ass Lëtzebuerg vun der Europäescher Cour de justice veruerteelt ginn, well eng Dispositioun an eisem Code de la Sécurité sociale, an zwar den Artikel 24, net konform ass mam Principe vun der Libre prestation de services, esou wéi en am Artikel 49 vum Europäeschen Traité festgeschriwwen ass.

De konkreten Ausléiser fir dës Verurteilung waren zwee Fäll, op Basis vun deenen d'Europäesch Kommissioun aktiv ginn ass. An deem éischte Fall huet déi deemoleg Privatbeamten-Krankekeess de Remboursement vu Labosanalysé refuséiert, déi an der Belsch gemaach gi waren. D'CMEP huet sech op eis Gesetzgebung beruff, déi virgesäit, dass esou Analysen...

### (Brouhaha)

► **M. le Président.**- Ech géif Iech bieden, der Madame Rapportrice nozelauschteren!

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), en remplacement de Mme Lydia Mutsch, rapportrice.- Merci, Här President, da brauch ech net grad esou haart ze jäizen.

D'CMEP huet sech also op eis Gesetzgebung beruff, déi virgesäit, dass esou Analysen iwwert de Wee vum Tiers payant bezuelt ginn an - en absence vun enger Tarification - net vun der Krankekeess kënnen rembourséiert ginn.

Am zweete Fall huet déiselwecht Krankekeess de Remboursement vu Bluttanalysé refuséiert, déi an Däitschland vun engem Dokter amplaz vun engem Laboratoire gemaach gi waren. Hei huet sech d'Krankekeess drop beruff, dass de Remboursement nëmme fir Prestatiounen a Fro kënnt, déi och am Inland rembourséiert ginn. D'Bluttanalysen an Däitschland hätten deemno an engem Labo an net vun engem Dokter misse gemaach ginn, esou wéi dat dann och hei zu Lëtzebuerg verlaangt ass.

D'Kommissioun a spéider och d'Cour de justice sinn awer zur Konkusioun komm, dass eist Gesetz, esou wéi et am Moment ass, de fräien Dénegschleeschungsverkéier behënnert, an zwar souwuel fir d'Patiente wéi och fir déi auslännesch Prestataire. Doropshin huet de Gesondheitsminister den 30. August zejoert an der Chamber de Gesetzesprojet 6322 déposéiert, iwwert dee mer dann och elo gläich sollen ofstëmmen.

Den initialen Text vun deemem Projet de loi huet virgesinn, dass en neien zousätzlechen Alinéa an den Artikel 24 vum Code de la Sécurité sociale géif ageschriwwen ginn, duerch deen dann eng Rei medezinesch Akten a Prestatiounen, déi am Prinzip iwwert den Tiers payant ofgerechent ginn, och nodréiglech kéinte rembourséiert ginn, a Fäll, wou den Tiers payant eben net gräift.

D'Beruffschamberen, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hunn de Projet de loi och positiv aviséiert.

De Statsrot huet dunno awer a sengem Avis vum 6. Dezember d'lescht Joer een neie Libellé proposéiert, fir eventuellen Interpretatiounsdivergenze vu vireran aus dem Wee ze goen.

Den Text vum Statsrot consacrééiert am Fong de Remboursement als Règle générale, sou dass d'Konformitéit mam Arrêt vun der Cour a mam Traité garantéiert ass. D'neift bleift awer de Regime vum Tiers payant grad wéi deen neie System vum Tiers payant social bestoe mat sengen evidente Virdeeler fir de Patient a fir d'Prestataire am Kader vum Conventionnement.

D'Santéskommissioun huet sech der Argumentatioun vum Statsrot ugeschloss an den Text dann och esou iwwerholl, wéi en Iech virläit, a wéi ech dann och elo proposéieren am Numm vun der Kommissioun, en ze stëmmen.

Ech ginn heimadder dann och direkt den Accord vun de Sozialiste fir dëse Projet an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- E grouse Merci un d'Madame Rapportrice. Als éischt Riednerin ass d'Madame Martine Mergen agedroen. Madame Mergen, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **Mme Martine Mergen** (CSV).- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der CSV-Fraktioun wollt ech der Madame Rapportrice a fir d'Virdroen der Madame Dall'Agnol villmools Merci soen. Wéi Der héieren hutt, ass dëst Gesetz eent vun deenen, déi de Wee hei an d'Chamber relativ séier fonnt hunn, well mer condemnéiert gi waren op dem Europäesche Gerichtshaff, fir net am Aklang ze si mam Artikel 49 vum Europäeschen Traité.

Wéi d'Madame Rapporteur gesot huet, adaptéiere mer den Artikel 24, deen dann elo virgesäit, dass, wann eng direkt Prise en charge vun Analysen net iwwert den Tiers payant, esou wéi dat hei zu Lëtzebuerg de Fall wäert sinn a bleiwen, ka gemaach ginn, e Remboursement vun den avancéierte Sommë méiglech ass. De Remboursement soll also d'Regel ginn, an den Tiers payant als Opportunitéit fir d'Lëtzebuerger Prestataire an Utilisateurs soll zousätzlech bestoe bleiwen, sou dass d'CSV-Fraktioun géif heimadder hiren Accord zu deemem Gesetz ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Mergen. Als nächste Riedner ass den Här Carlo Wagner agedroen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Carlo Wagner** (DP).- Merci, Här President. Och ech wëll der Rapportrice, där honorabeler Madame Dall'Agnol, Merci soe fir deen exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport, a ginn domadder den Accord vun der Demokratescher Partei zu deemem Projet.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Wagner. Domadder hu mer keng agedroe Riedner méi. Ech mengen net... Dach, de Gesondheitsminister wëllt awer nach kuerz derzou Stellung huelen. Här Gesondheitsminister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Just fir der Rapportrice en härezeche Merci ze soe fir déi kloer Duerstellung, déi et net néideg mécht, dass ech nach eng kéier brauch op de Projet zrëckzekommen,...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- ...der Chamberskommissioun Merci ze soe fir déi schnell Aarbecht an ze hoffen, dass mer elo erëm konform zu der europäescher Gesetzgebung ginn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gesondheitsminister. Da komme mer och schonn zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi 6322 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6322 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Fernand Boden), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert, Ali Kaes (par M. Félix Eischen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich (par M. Ben Scheuer), Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Fayot, Claude Haagen (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6363, enger Konventioun mat Bosnien-Herzegowina iwwert d'Sécurité sociale. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Hei hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Wagner a Kartheiser. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

## 3. 6363 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Bosnie-et-Herzégovine en matière de Sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 8 avril 2011

### Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), rapportrice.- Merci fir d'Wuert. Dir gitt mech also haut net esou séier lass. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre Ministeren, mir kéimen, wéi de President elo kuerz richtig sot, zum Projet de loi iwwert d'Konventioun an der Matière vun der Sécurité sociale mat Bosnien-Herzegowina.

De Projet gouf vun eisem Ausseminister, dem Här Jean Asselborn, de 15. November d'lescht Joer déposéiert. An der Réunioun vum 26. Januar dëst Joer huet d'Gesondheitskommissioun mech als Rapportrice da fir dëse Projet bestëmmt gehat. De Statsrot huet säin Avis de 6. Dezember ofginn, a mir hunn den Avis och an eiser Réunioun vum 26. Januar gekuckt. An eiser Sitzung vum 9. Februar ass du mäi Rapport unanime ugehall ginn.

Ech erklären Iech dann elo kuerz, wat den Objet vun deemem Projet de loi ass, dee wéi gesot eng Konventioun approvéeiert an der Matière vun der Sécurité sociale, déi Lëtzebuerg mat Bosnien-Herzegowina ofschléisst.

Dës Konventioun, déi garantéiert all d'Rechter am Beräich vun der sozialer Sécherheet fir all Persounen, déi souwuel successiv wéi alternativ

deem engen oder deem anere Regime vun deenen zwee Staten ënnerleien oder ënnerlouchen.

Si suivéiert am Generellen eigentlech déi Konventiounen, déi mer ëmmer maachen, déi bilateral Konventiounen, déi ofgeschloss ginn tëschent Lëtzebuerg an deenen eenzelne Staten also. D'Grondprinzipië sinn d'Égalité de traitement, d'Exportatioun vun de Prestatiounen an d'Totalisatioun vun den Assurancéperioden.

Den Applikatiounsberäich betrëfft déi eenzel Beräicher da vun der Sécurité sociale. Et sinn: d'Assurance maladie, d'Assurance accident, d'Pension de vieillesse, d'invalidité et de survie, de Chômage an d'Prestations familiales. Ausgeschloss sinn d'Assistance sociale an d'Prestatiounen un d'Victimes de guerre, an och d'Dépendance fällt hei net drënner. An dëser Konventioun sinn iwwregens all Leit mat kenger Distinctioun vun hirer Nationalitéit betraff.

Wat den Détachement ubelaangt, sou gesäit d'Konventioun vir, dass während zwielef Méint den Travailleur kann détachéiert ginn a weider där Législatioun ënnerläit, wou en normalerweis géif schaffen an drënnerfalen. Dës Period kann nach eemol ëm zwielef Méint verlängert ginn, wa speziell Gegebenheeten dat sollte verlaangen. Och fir d'Diplomate gëtt et e spezielle Regime, genauso wéi fir d'Séileit an och d'Personal vun Transport- a Fluggesellschaften. Si bleiwen där Législatioun ënnerstellt, wou d'Gesellschaft hire Sëtz huet.

E puer Infoen zu deem Land, mat deem mer dës Konventioun ofschléissen an dat jo e gudder Krack méi grouss ass wéi eist. An zwar huet Bosnien-Herzegowina méi wéi 4,6 Milliounen Awunner. Et ass eng onofhängeg Republik, déi 1992 aus de jugoslaweschen Deeler Bosnien an Herzegowina zesummegeesat gouf. An zënter dem Dayton-Ofkommen sinn déi zwou Entitéiten, also Bosnien an Herzegowina, wäitgehend autonom. D'Hauptstad ass Sarajevo, déi Stad, déi schonn emol d'olympesch Winterspiller ausgerichter hat, mä déi leider eréischt richtig berühmt gouf duerch de Balkan-Konflikt.

Ech wëllt och hei nach eng Remarque maachen zu de Länner um Balkan, mat deene mer elo alleguerten, wa mer dëse Projet de loi gestëmmt hunn, en Ofkommen an der Matière vun der Sécurité sociale hunn. Et bleift awer ee Problem op, an zwar dee vum Kosovo. Freier huet, wéi Der wësst, de Kosovo zu Serbien gehéiert an nach virduen dann zu Jugoslawien. Dohier war et kee Problem, wat d'Sécurité sociale ubelaangt huet, well mer mat Jugoslawien an duerno och mat Serbien en Ofkommen haten. Doduerch awer, dass mer d'Onofhängegkeet vum Kosovo unerkannt hunn, gëtt et elo e Problem, wat d'Rechter vun de Leit aus deemem Deel vum Balkan ubelaangt.

D'Serbe soen natierlech: „Dir wollt se jo unerkennen, da kuckt och elo, dass Der eens gitt! Dir hätt jo kënnen virduen dorunner denken, ier Der déi politesch Décisioun geholl hutt, de Kosovo unzëerkennen.“

Wat bedeit dat awer elo konkret fir eng Persoun, déi aus dem Kosovo ass an déi elo hei zu Lëtzebuerg ass? Ma zum Beispill, dass, wa se hei schafft, si selwer zwar natierlech krankeverséichert ass, mä awer Fra a Kanner, déi dohanen eventuell wunnen, net.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), rapportrice.- Nach e Beispill ass, dass, wann eng Persoun zum Beispill elo 20 Joer dohanen geschafft huet an duerno 20 Joer hei oder och vläicht ëmgedréit, da kann dës Zäit net cumuléiert ginn.

Dat bedeit, dass hei eng Partie Leit kënnen ganz schlecht dru sinn, wa mer net eng Léisung fannen. A wéi Der Iech kënnt denken, presentéiert déi Léisung sech natierlech net op engem gëllene Plateau. D'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus der aussepolitescher Kommissioun, déi de Kosovo wahrscheinlech nach e bësse besser kennen, déi wäerten do sécherlech mat mer eens sinn.

Ech wollt just op dëse Problem opmierksam maachen, fir dass elo net den Androck géif Entstoen, well mer en Ofkommen hunn, wat dee ganze Balkan ofdeckt, dass och jiddweree géif automatesch heidrënnerfalen.

Ech kommen dann awer direkt erëm zrëck zum eigentlechen Objet vum Projet de loi an dem Statsrot sengem Avis, deen en heizou ginn huet. E war och unanime d'accord an en huet also keng Objektionen zum Projet de loi formuléiert. D'Kommissioun huet wéi gesot och dësen Avis gekuckt, huet och de Rapport diskutéiert an huet du mäi schrëftleche Rapport och unanime akzeptéiert.

Ech géif dann och elo d'Plénière bieden, dat ze maachen. Ech fir mäin Deel ginn den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu deemem Projet de loi an ech soen Iech nach eng kéier Merci fir d'Nolauschteren.